

# d' Peffermillen



Wi gewinnt bei enger Manifestatioun streiden sech derno d'Journalisten iwert d'Zuel vun de Leit di matgongen. Bei der Friddensmanif vum 22.Oktobre waren sech all Zeitungen an RTL eens, dass ét 5000 Leit waren, éischter e bëssche méi wi manner. Nuren zwou Zeitungen hun aner Zuele genannt: d'KP-"Zeitung" huet der iwert 6000 gesin (di némme géint d'US-Rakéite solle protestéiert hun) an de j-lo am LW wëllt der némmen 3loo gezielt hun. (Di Zuelen di de "Journal" nennt sin esou widerspréchlech an de Rescht vum Artikel esou eesäiteg a konfus, dass alles drop hindeit, daà e wuel keen eegene Reporter op der Platz hat.) "Ein Polizeisprecher" huet dem LW no der su-guer némmen 2500-2800 geschätzt. Als ee vun den Organisateuren hat déi Kéier de Koschter d'Méiglechkeet, selwer d'Polizei ze froen, op wéivill Leit si d'Bedeelegung geng schätzen. E krut, zu sénger Verwonnerung, als Entwert, bei enger Manifestatioun hätt d'Polizei aner Saachen ze din wi d'Leit ze zielen. Bei hinne wär kee Beamten dcmat beopdraagt. De Koschter muss also unhuelen, dass wann d'Journalisten sech op Polizeispriecher beruffen, fir hir Schätzungen ze "beweisen", dat renge Schwindel oder héichstens d'privat Meenung vun dësem oder deem Polizist as.

m.p.

\*

Chrëschte falen ewell och zu Lëtzebuerg an der Friddensbewegung op. Dat as fir muenchen, a besonnesch fir Nët-Chrëschten, nei an ongewinnt. Bei der Fied vum Abbé Jos Cadé zum Oofschloss vun der Friddensdemo op der Plëssdarem gouf zwar vill geklappt, awer et konnt een énnert den Nolauschterer, wann een d'Ouer e wéineg gespëtzt huet, och Leit héieren, déi d'Pafen am lëifsten op enger Botterschmier déite friessen a Begrëffer wéi "Christus", "bieden", oder "Mass" ganz schlecht verdroen hun. Et kann een do natiirlech soen: "Do hutt der et jo!". Oder rose gin an esou Reaktioune penibel primitiv fannen. Ma et kann een och froen, wou se hirkommen an eiser lëtzebuerger Situatioun, déi mat esouvill Schwaarzwäiskischeé fonctionnéiert, eng Rei Uursaachen ausmaachen, déi och op klerikaler Säit ze farinen sin. Déi géigensäiteg Angscht vrum Kontakt wäert, trotz guddem Wëllen an Zesummemaarbecht op verschiddene Gebidder, wuel nach eng Weilche matt domme Bemierkungen iwwerspillt gin. A bei all deem, wat "eis kathoulesch" Zeidung zum Onwee mécht .....

christ

\*

Vläicht wollt den Här Zeches säi schlecht Gewësse berouegen, wéi en e puer Deeg laang aus dem "Wort" geleitartikelt huet, et soll een dach nüt émmer nees esou naiv d'Rüstungsausgaben an d'Höllef fir d'Drätt Welt matenee vergläichen. Oder e wollt par force der Friddensbewegung een Argument méi aus der Hand schloen, besonnesch eent, wat fir déi gewéinlech Stiirwlech esou evident as. Zu deene schéngt eisen Här Bëschof awer och ze gehéieren (oder den IZ hat schlecht explizéiert - oder den Här Bëschof hat d'"Wort" nüt gelies - oder némmen d'Annoncen - oder ...) well gläich drop huet hien an engem kuerzen Interview um Ukawee nees vum Skandal vun der Rüstung geschwat, dee mat Schold um Misär vun der Drëtter Welt wär. Oh Verwirrung der Geister! Weem soll een dann elo gleewen, dem Här Bëschof oder sénger Zeidung? csst

\*

Wann an der Friddensdiskussioun de Koschter behaapt huet, d'Amerikaner wäre nüt vill besser wi d'Russen, di eng wi di aner hätten eng aggressiv Aussepolitik, da krut en öfters ze héieren, d'Amerikaner hätten awer nach ni en Afghanistan oder eng Tschekoslowakei besat. De Koschter huet da gentwert, di wirtschaftlech Boycottmoosnahme géint e Nicaragua, deem suguer d'Weessli-werungen ofgeschnidde goufen, oder d'Ennerstëtzung vu korrupte Militärdiktaturen wären och eng Form vun Imperialismus. Mä lo huet de President Reagan bewisen, wi Recht de Koschter émmer hat. Séngen aggressive Rieden huet en eng aggressiv Dot, di militäresch Invasioun vu Grenada, fol-lége gelooss, well en di amerikanesch Wirtschaftsinteresse nüt mi anescht ze schütze woßt. Wou läit den Ennerscheid zu Afghanistan? 'T soll jo keen ziele kommen, dat wär neess geschitt, fir d'Mënscherechter an d'Demokratie an deem Land ze garantéieren, well wu bleift dann d'Invasioun vu Guatemala, El Salvador, Südafrika, Chili, de Philipinnen, ... vum Ostblock nüt ze schwetzen. Sin ons Befreier vu 1944 émmer nach "énnert allen Emstänn" eis Frënn, di mer nii däerfe kritiséieren?

m.p.